



Index a mir wëllen en och protegéieren. Mä hei ass den Index absolut net a Fro gestallt. Den Index kritt jiddwereen, deen zu engem Lëtzebuerger Loun hei zu Lëtzebuerg schafft, sief dat de Mindestloun, sief dat de Loun, deen an engem Kollektivvertrag fixéiert ass.

Schafft en awer zu engem auslännesche Loun, deen iwwert dem Lëtzebuerger Loun ass, an, Här Gibéryen, Dir hutt gesot, da wier et jo eng Ongläichheet, well dee misst jo dann, wann e muss gläichgestallt gi mat deene Lëtzebuerger, déi hei schaffen, eigentlech sai Loun erofgesat kréien op den Niveau vun deenen.

(Interruption)

Dach, dat hutt Dir gesot.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Hei schaffe Leit, hunn ech gesot, och hei am Land schaffe Leit, déi iwwert dem Mindestloun verdéngen, an och hei am Land schaffe Leit, déi iwwert de Mindestloun, déi an de Kollektivvertrag sinn, leien.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat sinn ëmmer nëmme Mindestloun. Mä d'Leit, et sinn awer vill Leit, déi méi verdéngen wéi dat, wat an de Kollektivvertrag ass. A si hunn och dee ganze Loun hei am Land indexiert.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- D'accord. Mä hei ass eng Persoun, déi ass net definitiv hei am Land installéiert. Dat sinn iwwregens ganz relativ marginal Fäll. Ech mengen, hei sinn Zifferen genannt gi vun Détachementen. An de Gros vun deene Leit, déi schaffen op Chantieren, déi schaffen also mat Léin, déi entweder dem Mindestloun entsprechen oder Kollektivloun hei zu Lëtzebuerg. Déi leien an hirem Land gewéinlech ënnert deene Lëtzebuerger Léin.

Mä déi Leit, déi hei kommen, an et kann esou Fäll ginn, déi da wäit iwwert de Lëtzebuerger Léin géife leien, déi behalen hire nationale Loun. Dat ass eben d'Philosophie. Déi behalen hire nationale Loun a kënnen also och net enger nationaler Législatioun, dem Index en l'occurrence, deen hei fir jiddwereen, fir all Lëtzebuerger Loun applizéiert gëtt, ënnerwerf ginn. Ech mengen, datt een dat, vu datt et sech do ëm héijer Léin handelt, elo net direkt kann als Ofbau vum Lëtzebuerger Sozialstat ugesinn oder qualifizéieren.

Ech wëll also soen, dat hei Gesetz musse mer stëmmen, well mir sinn obligéiert, europäesch Recht ze respektéieren. Dat ass ganz sécher. Mir kënnen dat awer och stëmmen, géif ech soen, well mer sécher kënnen sinn, datt dat heite Gesetz net d'Lëtzebuerger Sozialrecht, de Lëtzebuerger Droit du Travail beschiedegt.

Ech mengen, mir kënnen roueg sinn, datt d'Rechter vun de Leit, déi hei schaffen, préservéiert sinn. A mir wäerten och all Kontrolle weiderféieren. Et ass jo net esou, datt mer keng Kontrolle méi dierfe maachen. Et si just d'Modalitéiten vun deene Kontrollen, déi geännert sinn, an ech kann lech versécheren, datt d'ITM hirer Aufgab, déi Saachen ze kontrolléieren, zwar ex post, datt d'Obligatioun, och um Chantier all d'Donnéeën iwwert d'Léin an iwwert déi Leit, déi do um Chanter schaffen, mussen disponibel gehale ginn, datt déi Obligatioun honnertprozenteg wäert respektéiert ginn. Voilà.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Aarbechtsminister. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun iwwert dës Projet a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5942 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Raymond Weydert), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. André Bauler), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschette.

Ont voté non: MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 5798, en Accord iwwert d'Schafe vun engem europäesche Loftraum. Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass also bei dësem Projet net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo ageschriwwen: den Här André Bauler. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

10. 5798 - Projet de loi portant approbation de l'Accord multilatéral entre la Communauté européenne et ses États membres, la République d'Albanie, l'ancienne République yougoslave de Macédoine, la Bosnie-Herzégovine, la République de Bulgarie, la République de Croatie, la République d'Islande, la République du Monténégro, le Royaume de Norvège, la Roumanie, la République de Serbie, et la Mission d'administration intérimaire des Nations Unies au Kosovo sur la création d'un espace aérien commun européen (EACE), signé à Luxembourg, le 9 juin 2006

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord multilatéral vun der EU, zesumme mat Albanien, der fréierer Republik Jugoslawien, déi haut Mazedonien heescht, Bosnien-Herzegowina, Bulgarien, Kroatien, Irland, Montenegro, Norwegen, Rumänien, Serbien an d'UNO-Vertriedung vum Kosovo hunn den 9. Juni 2006 en Accord ënnerschriwwen, fir en Espace aérien commun européen ze schreiwen. Deemools ware Bulgarien a Rumänien nach net Member vun der EU. Dat ass an Zwëschenzäit geschitt. Mä den Accord an de Protokoll musse ratifizéiert ginn, sou wéi dat och den 9. Juni 2006 ënnerschriwwen ginn ass.

Den 31. Oktober 2007 huet den deemolegen Transportminister, den Här Lucien Lux, de Projet de loi déposéiert. Den 23. September 2009 sinn ech an der Kommissioun vum Développement durable zum

Rapporteur genannt ginn. Den 2. Februar 2010 huet de Statsrot säin Avis ofginn, an an der Sitzung vum 24. Februar hu mir de Projet analyséiert an den Avis vum Conseil d'État consultéiert. An der Sitzung vum 10. März hu mir de Rapport eestëmmeg ugeholl.

Wat gesäit deen Accord vir? Et geet ëm d'Grënnung vun engem eenheetleche Loftraum an der EU, Espace aérien commun européen, kuerz den EACE genannt.

Deen Accord baséiert op zwee Hauptpunkten: Éischtens, dass mir innerhalb der EU iwwerall déiselwecht Normen a puncto Sécherheet kréien - a wann ech soe Sécherheet, mengen ech souwuel Sécurité wéi Sûreté -, d'Konkurrenz, d'Sozialpolitik an d'Rechter vum Konsument an der Luftfahrtbewegung.

Deen aneren zweete Pilier ass nei Méiglechkeeten ze schafen, fir der Luftfahrtindustrie an engem Loftraum vu 35 Länner an iwwer 500 Milliounen Awunner d'Méiglechkeet ze ginn, ze expandéieren.

De Statsrot ënnersträicht a sengem Avis, dass mir mat deem Accord Souveränitéit, wéi den Artikel 37 vun der Constitution et seet, ofginn, an dofir musse mer och dës Projet de loi, wéi de President et virdu gesot huet, um Artikel 114 mat der qualifizéierter Majoritéit stëmmen.

Am Numm vun der Kommissioun bieden ech lech, dësem Gesetz d'Zoustëmmung ze ginn. Ech ginn op alle Fall vun dëser Säit aus d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- An ech soen dem Här Spautz Merci. Entre-temps huet den Här Bauler och decidéiert, näischt méi weider zum Projet de soen, well den Här Rapporteur ganz komplett war. Ech ginn och dovun aus, datt de Minister näischt méi dozou ze soen huet, sou datt mer elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt mer eng Majoritéit vun zwee Drëttel brauchen an de Vote par procuration net erlaabt ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vote ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 5798 ass ugehall mat 49 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5798 est adopté par 50 voix.

Ont voté oui: MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler et Raymond Weydert;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer elo de Projet de loi 6107 iwwert d'Gestioun vun den Zuchinfrastrukturen. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Berger, Negri, Bausch, Henckes an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

11. 6107 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen elo virläit, ass eng Ännerung vum Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun den Infrastrukturen vun der Eisebunn. De virleiende Projet ass de 27. Januar vum Minister Claude Wiseler déposéiert ginn. Nëmme fënnef Deeg méi spéit, den 2. Februar 2010, huet déi héich Kierperschaft, de Statsrot, hiren Avis ofginn. De 24. Februar sinn ech zum Rapporteur gestëmmt ginn, a mir hunn de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, mat deem Projet hei kënnen mir d'Kreditter fir d'Installatioun vun engem automatesche Stoppsystem vum Zuch an eng Vitessekontroll um Eisebunnréseau verwierklechen. D'Sécherheet op der Eisebunn ass enorm wichteg. Dat schrecklecht Accident an der Belsch hätt mat deem System, dee mir op dem Lëtzebuerger Réseau wëllen hunn, verhënnert kënnen ginn. No den Accidenten an der Belsch virun néng Joer an deene schwéieren Accidenten an den 90er Joren um Houwald an zu Lëtzebuerg-Hollerech, genau wéi no der Katastroph vum Zouffgen 2006, ass et wichteg, nach méi séier all Sécherheitsmesuren ëmzesetzen. Mir maachen dat an dësem Projet elo.

Et ass déi néngt Ännerung vum Gesetz vum 1995, wou mer ënner anerem am Juni 2003 festgehalen hunn, dass mer Duebelgleisegkeet maache vu Péiteng an d'Stad; am Dezember 2003 ënner anerem de Recordement vum Kierchbiereg a vum Findel; am Abrëll 2004, wou do festgehalen ginn ass fir Belval-Usines a Belvaux-Mairie auszebauen; déi zwee Gleiser um Nordkapp vun der Stater Gare am Abrëll 2004; d'Bréck op der Linn Lëtzebuerg-Klengbetten, fir nëmmen déi Projeten nach eng Kéier ervirzeesträichen.

De Projet vun haut, den Dispositif Arrêt automatique an de Système de contrôle de vitesse. Am November 1999 hat de Verwaltungsrot vun der CFL decidéiert, op den ETCS-System ëmzeklappen, an den 1. März 2005 ass de Projet pilote gestart ginn. Am Moment si 60% vum Réseau dorop ausgeriicht. Bis Enn 2011 soll de ganze Réseau prett sinn.

Ech wëll awer betounen, dass no der Phas vum Projet pilote Adaptatiounen um Netz an an de Virstellungen, wéi een dat ka verwierklechen, geännert gi sinn, well méi Signaler do sinn, méi Contrôles de commande a méi Signalisationen. De Réseau gëtt elo operéiert.

Wat de Fuerepark, d'Maschinen ubelaangt, esou muss jiddwereen, deen op de Lëtzebuerger Réseau wëllt fuere kommen, seng eege Maschinne kompatibel maachen, fir op dem Réseau kënnen aktiv ze sinn.

A sengem Avis vum 2. Februar 2010 erënnert de Statsrot un all seng Remarquen, déi e bei de vorhergehende Projete gemaach huet, well e seet, dass de Projet lues awer sécher, well dat hei schonn déi néngt Verlängerung ass, onlesbar gëtt. Eng aner Remarque war eng Propos, den Ufank vum éischte Paragraph ze änneren. Dësem Virschlag war d'Kommissioun nokomm.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir mussen opgrond vun der ugespaanter Situatioun vun de Statsfinanze spueren a Prioritéiten setzen. D'Regierung setzt hir Prioritéiten, a mat dësem Projet setzt se hir Prioritéit a Richtung Sécherheet. Mat Ärer Zoustëmmung zu dësem Projet investéiere mir an d'Sécherheet vun de Voyageuren a vum CFL-Personal. Et ass wichteg, dass mir dat maachen. D'Eisebunn ass nach wie vor dat sécherst Transportmëttel op der Welt. A mir mussen derfir suergen, dass et nach ëmmer méi sécher gëtt an dass et nach ëmmer zu manner Accidenten kënnt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech zielen op Är Zoustëmmung an ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!



► **M. le Président.**- Ech soen dem Rapporteur Marc Spautz Merci. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger age droen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. Hien huet schonn all déi technesch Detailer hei explizéiert, an ech wäert net weider dorobber agoen. Ech wëll virun allem ervirsträichen, datt et hei ëm d'Sécherheet vun der Eisebunn geet an ëm d'Sécherheet vun de Passagéier, déi den öffentlichen Transport benotzen. Dat muss fir eis eng Prioritéit sinn a bleiwen, am Intérêt vun der Intégritéit vun de Bierger.

Letztendlech ass et och eng Fro vun der Attraktivitéit vum öffentlichen Transport.

► **Une voix.**- Très bien.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Wat dee méi komfortabel ass, wat en awer och méi sécher ass, wat dat en zousätzlechen Atout ass fir eis Bunn a wat dat och en zousätzlechen Atout ass, fir datt mer iergendeng Kéier dann op eisen „modal split“ 25/75 vläicht kënne kommen. Duerfir ënnerstëtze mir och all Efforten, déi an d'Sécherheet vum öffentlichen Transport investéiert ginn. Do soll een net spueren.

Hei sinn an der Vergaangenheet schonn eng Rei Initiative geholl ginn, ugefaange beim ehemolegen Transportminister, dem Henri Grethen, dee schonn ab dem Joer 2000 d'Ëmsetzung vun deem europäesche System ERTMS/ETCS an d'Weeër geleet huet. Mëttlerweil sinn déi technesch Oprüstunge bei der CFL konstant weidergedriwwen ginn. Mir zu Lëtzebuerg hunn hei, muss ee soen, en héije Sécherheitsstandard erreecht. Et ass scho gesot gi virdu vum Rapporteur, datt esou tragesch Accidenter wéi zum Beispill an der Belsch hei net méi méiglech sinn. Dat ass gutt esou. An duerfir hu mer och all Intérêt, fir datt déi Programmer weidergefuert ginn.

Duerfir brauch een zousätzlech Finanzementer, déi musse getäteg ginn. Ech géif och, oder Dir verstitt, datt ech opgrond vun deene kuerze Konstellatiounen, déi ech hei gesot hunn, datt Der kënnt novollzéien, datt also meng Fraktioun och wäert hei mat zwou Hänn dësem Accord respektiv dësem Projet de loi den Accord ginn.

Et bleift awer, dat ass scho meng lescht Remarque, e fundamentale Problem bestoen. Well am internationale Schinneverkéier gëtt et eng Rei, ech géif scho bal soen, eng Multitude vu verschiddene Sécherheitsstandarden oder -systemer op där enger Säit. Op där anerer Säit ass et awer esou, datt mer hei zu Lëtzebuerg vill Échange mat deene Réseauen hunn. Mir sinn e klengt Land. Et fuere ganz vill eis Maschinnen an d'Belsch, Däitschland a Frankräich, an ëmgedréit kommen hir Lokomotiven heihinner, an do passt net ëmmer alles openeen, déi verschidde Standarden. Do bleift also e Reschtrisiko bestoen, och mat all deenen Efforten, déi mir hei maachen.

Duerfir ass et absolut noutwendeg, datt mer och, esou wäit et méiglech ass, kucken eng Léisung vun deem Problem op europäeschem Niveau ze fannen. An datt do och d'Regierung weiderhin alles wäert maachen, fir eng Harmoniséierung esou schnell wéi méiglech vun deenen europäesche Sécherheitssystemer ze erreechen.

Dat gesot, Merci, a wéi gesot, mir ginn den Accord zu dësem Projet de loi.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Berger Merci. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur Marc Spautz Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. D'Sécherheet, Här President, kennt keng Kompromësser an deemno och keng Finanzéierungsvirbehalter, wéi et elo grad scho gesot ginn ass. Duerfir approvouéiere mir als LSAP dëse Projet vu ronn 37 Milliounen Euro ohne Wenn und Aber.

Här President, fir international konform ze sinn, huet de Verwaltungsrout vun der Eise-

bunn 1999 décidéiert, um Lëtzebuurger Eisebunnsréseau flächendeckend den europäeschen unerkannten ERTMS an ETCS, den European Train Control System, ze installéieren, a Kombinatioun mat deem sougenannte GSM-R, GSM for Rails, fir d'automatesch Kontroll vun der Vitesse vun den Zich kënnen ze kontrolléieren. Heibäi geet et kloer drëm, dass all Zuch bei roudem Signal korrekt ofgebremst a virun der roudere Luucht, fir et emol einfach ze soen, zum Stoe kënnt, a virdrun. Dat ass ganz wichteg, wéi mer elo leider an der Belsch jo konnte gesinn. Duerfir wëllt ech vläicht e bësse méi am Detail eng Kéier de System erklären.

Deen europäesche System ERTMS/ETCS ass, wéi gesot, en automatesche Vitessekontrollsystem, deem direkt agräift, wann de Konduktur, am CFL-Jargon de Mécanicien vum Zuch virun engem rouden Signal net oder net richteg reagéiert. Fir d'Sécherheet ze garantéieren, dass et also net zu Kollisiounen vun Zich kënnt, ass de Lëtzebuurger Eisebunnsréseau a Secteuren ënnerdeelt, wou an all eenzel Secteur am Zuchbetrib sech ëmmer nëmmen een eenzegen Zuch befannen dierf. Am Ufank an um Enn vun all Secteur steet ee Signal, wat ëmmer op rout steet.

Fir dat ze illustréieren, zitéieren ech vläicht am beschten e Beispill. Huele mer d'Streck vu Lëtzebuerg op Klengbetten-Arel. Deen éischte Secteur, dee geet, wann Der zu Lëtzebuerg aus der Gare erausfuert, vum Quai bis op Hollerech. Da kënnt als zweete Secteur d'Streck vun Hollerech op Bartreng. Deen drëtten Secteur ass dann d'Gare Bartreng, an da geet et viru vu Bartreng op d'Mamer Streck an esou weider. Geet e Streckeselector iwwer méi eng laang Distanz a Fonctioun vun der zougeloossener Vitesse, kann deem ënnerdeelt ginn.

Dat gëtt einfach gemaach, fir dass d'Streck méi eng héich Capacitéit huet, fir d'Zuchfolg also méi schnell ze kréien, fir dass d'Stellwierk en Zuch ka méi séier vun engem Secteur an deen anereren eraufuere loosse. Dat heescht, dann ass den Zuch dann an der Entrée, wou säin Haaptsignal, wéi gesot, ëmmer op rout steet. Dat kann dann op gréng gestallt ginn, fir an dee Secteur eranzefueren. Dat Haaptsignal kann och vu rout op zweemol giel gestallt ginn, wat heescht, dass den Zuch mat reduzéierter Vitesse circuléiere kann.

Här President, wann een elo weess, dass en Zuch bis zu 1.500 Tonne Gewicht kann hunn hei zu Lëtzebuerg, bei enger maximaler Vitesse vun 140 km/h fuere kann, da brauche mir, fir en Zuch un d'Halen ze kréien, eng Distanz vun 1.200 Meter, also 1,2 km, déi sougenannten „distance d'arrêt“. Well d'Visibilitéit vun 1.200 Meter jo quasi ni op enger Streck anzegesinn ass, steet virun all Secteurssignal, fir et emol esou ze soen, deem sougenannten Haaptsignal, nom Reglement den „signal fixe principal“, e sougenannte Virsignal, en „signal fixe avancé“, mat anere Faarwendispositiounen, déi ech lech elo hei erspueren, op enger Distanz vu genau där Distance d'arrêt vun 1.200 Meter virum Haaptsignal, fir et dem Zuchkonduktur ze erlaben, virun deem Haaptsignal un d'Stoen ze kommen a säi Secteur, wou en also eleng ass, net ze dépasséieren.

Wann een elo nach weess, huele mer nach eng Kéier d'Streck vu Lëtzebuerg op Klengbetten, dass op där zweegleiseger Streck an deenen zwou Richtunge pro Gleis signaltechnesch, am Jargon „banaliséiert“ gefuer ka ginn, da gëtt dat méi komplizéiert. Am Prinzip gëtt an d'Belsch, Richtung Belsch, lénks gefuer; op Beetebuerg, op Waasserbëlleg an op Ettelbréck, ëmmer vu Lëtzebuerg aus gekuckt, riets gefuer. Dir kënnt lech jo gutt virstellen, dass also op enger Streck mat zwee Gleiser, déi also banaliséiert an zwou Richtunge gefuer ka ginn, vill Haaptsignaler a Virsignaler op enger Streck stinn, déi den Zuchkonduktur alleguerten natierlech ze respektéieren huet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Dass do mënschlech Feeler - an duerfir soen ech dat - am alldeeleche Verkéier net auszeschléisse sinn, ass kloer, an duerfir muss den Zuchkonduktur eng automatiséiert Hëllef kréien.

► **Une voix.**- Ouh?

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Dat ass an enger éischer Phas vun engem vun der Lëtzebuurger Eisebunn selwer entwéckelten automatesche Bremssystem, dem sougenannte Memor II+, agefuert ginn op dem gesamte Réseau vun der Eisebunn a war am Joer 2004 komplett installéiert.

Här President, et geet elo drëm, en europäeschen agréierte Bremssystem ze installéieren, fir dass net zulescht den internationalen Échange, déi sougenannten Interpénétratioun vun Zich - wéi et elo grad schonn ugeklongen ass -, international unerkannt, geschéie kann.

Technesch funktionéiert den automatesche Bremssystem, den ETCS, éischstens, iwwer fest installéiert Balisen, wéi se genannt ginn - dat sinn d'Kontrollkëschten, déi an der Mëtt vum Gleis leien op fest definéierten Ofstänn vun der Streck -, an dann zweetens, iwwer een an all Zuch - an ech betounen: an all Zuch - installéiert Kontrollorgan, wou, wann den Zuchcontroleur net op dat entspreichend Signal, wat en op der Streck begéint, direkt a korrekt reagéiert, wou dann den Zuchkontrollsystem automatesch aspréngt an domat d'Sécherheet vun eisen Zuchconvoié garantéiert.

(Interruption)

Fir eng optimal Transmissioun tëscht dem Zuch an dem respektive Stellwierk ze garantéieren, geschitt den numérisierten Transfert vun den Donnéeën - Telefon, wann Der esou wëllt - iwwer e speziell konzipéierte GSMs-Réseau, de GSM-R, GSM for Rails, deem iwwer speziell installéiert Funkantennen, déi laanscht d'Strecken installéiert sinn, vum Zuch op d'Stellwierk an erëm zrëck garantéiert ass.

De sougenannten automatesche Kontrollsystem ETCS, kombinéiert mam garantéierte Funktransmissiounssystem, dem GSM-R, gëtt ënnert dem Numm ERTMS zesummegefaasst an ass genau dat, wat europäesch gefuerdert ass. An domat kann ech d'Lëtzebuurger Eisebunn nëmme félicitéieren, fir déi visionär a richteg Décisioun schonn am Joer 1999...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Dat wor den Här Lux!

(Interruptions diverses)

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Es werde Lux.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- ...fir déi visionär a richteg Décisioun schonn am Joer 1999 geholl ze hunn an et domat erlaabt, am Joer 2017 komplett duerch de Memor II+ ze ersetzen.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Negri Merci, an elo kënnt den Här Bausch.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, ech géif mengen, technesch wär dat meescht elo gesot, nom Här Negri senger Interventioun.

(Hilarité)

Ech wëllt just duerfir e puer méi politesch Saachen awer nach soen, déi een an deem Projet hei awer duerchweegs ka soen.

Mir hunn hei eigentlech e Paradebeispill, datt mer... Mir si jo hei am Eisebunnsbereich och am Kontext vun enger Liberaliséierung, déi elo virum Ofschluss ass, och am Voyageur, a mir hunn hei e Paradebeispill eigentlech, datt d'Europäesch Unioun, wann een dann dee ganze Liberaliséierungswahn, dee virherrschet an der Europäescher Unioun, iwwerhaupt matdréit, datt alles hannerneer ugepaakt gëtt.

Mir wäerten elo hei zu Lëtzebuerg e ganz performante Sécherheitssystem aféieren, deem den Här Negri am leschten Detail elo grad erkläert huet, dee mer och begreissen. Duerfir stëmme mer och de Projet mat; dat wëll ech direkt soen.

Mä mir hunn awer eng Situatioun, datt mer deem do Sécherheitssystem, dee jo eng Kéier sollt en europäesche ginn, fir datt mer eenheetlech Standarde kréien, eigentlech an deene weiniegste Länner hunn. Dat heescht, a Frankräich an an der Belsch a ronderëm eis an Däitschland gëtt et ganz ënnerschiddlech Systemer.

Dat huet zur Konsequenz, datt zum Beispill dat eenzelt Fuermaterial, déi eenzel

Fuerparke vun deenen eenzelne Réseauen, wa se da wëlle pénétréieren op Nopeschréseauen, oft musse mat dräi, véier Systemer ausgerüst ginn, wat e Käschtepunkt ass. Dat heescht, mir sinn an enger Situatioun, wou eigentlech da jo duerch d'Liberaliséierung, wat jo den Haaptatout soll sinn, ee ka vu Lëtzebuerg, ech weess net, ënnen erof a Südfrankräich oder souguer bis a Spuenien fueren, wann et muss sinn, mä awer d'Systemer als solches guer net op deene Standarde sinn, an dat deementsprechend zimlech deier, net nëmmen zimlech deier gëtt, mä och zimlech komplizéiert ass.

An dat ass erëm eng Kéier ganz typesch, wéi d'Europäesch Unioun virgeet. Mir liberaliséieren emol einfach monter drop lass, stellen eis guer keng Froen, wat fir eng Konsequenzen datt dat fir déi eenzel Réseauen huet, zum Beispill hei dann an dem Eisebunnsréseau. An heirunner erënnert viles mech, éierlech gesot, och un dat, wat am Stromsektor geschitt ass, wou mer en ähnlechen Duercherneen an e Chaos dee Moment hunn op europäeschem Niveau an nach laang net wäerten derduerch sinn, och an deem heite Kontext.

Dat ass äusserst bedauerlech. An ech weess och net... An der Kommissioun hate mer eng länger Diskussioun doriwwer. Et weess och keen esou richteg, wéi mer oder wéi séier mer wäerten doraus erauskommen.

Et bleift awer elo d'Situatioun, datt mer, wéi gesot, an och am Voyageur kënnen op aner Réseauen pénétréieren an och anerer heihinner kënne gefuer kommen, an deementsprechend dat awer natierlech och ëmmer eng Rei Froe wäert stelle fir d'Sécherheet. Bon, mir kënnen natierlech... Esou wéi et elo ass, ass et jo virgeschriwwen, datt een natierlech deem Sécherheitsstandard muss entsprechen, wann een an dat Land erafiert. Mä dat wäert äusserst komplizéiert ginn.

Duerfir wäerte mer nach munch Iwwerraschung erliewen, och am Kontext vun der Liberaliséierung vun den Eisebunnsréseauen, ausgehend heivunner. Deen heite Projet als solches, wat elo den nationale Réseau ubelaangt, fanne mer selbstverständlech natierlech eng gutt Saach a mir wäerten et och duerfir matstëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bausch. Elo kritt nach den Här Henckes d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, och vun onser Säit aus ons Remerciementer un de Rapporteur, den Här Spautz, deem ons hei ganz vill interessant Informatiounen ginn huet. Et geet effektiv hei ëm méi Sécherheet am Schinneverkéier. Mä et geet och drëm, datt mer sollen haut den zousätzlechen Devis stëmmen. An do muss ech soen, datt mer an dësem Dossier awer där nawell eng etlech gesinn hunn.

Den 1. Abrëll 2000 koum en éischten Devis. Dunn den 1. Abrëll 2001; den 1. Abrëll 2002. Du koum d'Gesetz vun 2003. Wann ech alles zesummegerechent hunn, misste mer elo gläich un der nengter Adaptatioun vun Devis sinn. Do muss ee sech heiansdo d'Fro stellen, och wann een den Text gesäit, ob et net besser wier, mir géifen ee fir alle Mol en aktualiséierte Montant festhalen zu där Zäit, wou mer d'Gesetz stëmmen.

Dofir ass och meng Fro, ob deem Devis, dee mer elo haut virleien hu vu 37,2 Milliounen... Do schéngt et en Devis ze sinn: actualisé au 1^{er} avril 2008. Ech weess awer net, ob et net besser wier, ons ze soen, ob dat elo den Devis ass op den heitegen Dag oder op den 1. Januar 2010, fir datt mer weinstens en connaissance de cause wëssen, wat dann de genaue Montant ass, dee sech finalement an dem Budget wäert erëmfannen.

Dann hunn ech eng zweet Fro an deem Kontext. Dat ass, datt, wéi oft widderholl gëtt, d'Europäesch Kommissioun hei géif finanziell bäistieren. Just, ech weess net, ëm wéi vill. Oder am Prozentsaz, ob dat



adaptéiert ass. Dat steet am Rapport vun der Kommissioun. Et steet och am Exposé des motifs. Dofir wär ech och nawell frou ze wëssen, ob dat esou ass, an och ob dee Montant gegebenenfalls kann adaptéiert ginn op dee Montant, dee mer haut stëmmen.

Eng drëtt Fro, déi sech an deem Kontext stellt, dat ass, datt d'Aarbechten anscheinend fir 2011 elo solle fäerdeg ginn. Ech wollt de Minister froen, ob deen Délai och elo kann en vue vun haut, an net en vue vun deem Ablack, wou de Projet de loi déposiert ginn ass, respektéiert ginn. Well schlussendlech ass jo awer d'ganz Zil, wat mer mat deem Gesetzesprojet wëlle respektéieren, datt mer méi Sécherheet an onsem Schinneverkéier kréien, datt mer doduerjeh och natierlech d'Attraktivitéit vum Schinneverkéier vergréisseren.

Dat gesot, kënnen mer mat deene puer Froen, déi mer do gestallt hunn, awer mat deem Projet hei d'accord sinn, well mer der Meenung sinn, datt eng Prioritéit muss komme fir méi Sécherheet am Schinneverkéier. Mir gesi bei deenen Accidenter zu Zoufften an och an der Belsch, wéi wichteg et ass, datt een op deem Gebitt do nei Weeër a méi sécher Weeër geet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. Als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, ech bleiwen hei, well et dauert...

(**Interruption**)

Also selbstverständlech stëmme mir dee Projet hei weinst der Erhéijung vun der Sécuritéit op eise Eisebunnsnetz. Ech wëll awer och nach eng Kéier betounen, dass et absolut noutwendeg wär, dass mer op d'mannst an der Europäescher Unioun en eenheetleche standardiséierte System hätten, well, ech mengen, soss awer déi Sécherheet net honnertprozenteg kënnt garantéiert ginn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. An nodeem déi verschidden Intervenanten esou detailléiert waren an hiren Ausféierungen, mengen ech, kann de Minister sech relativ kuerz halen.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Mä well ech d'Wuert bei deem Projet virdrun net krut, wollt ech elo awer profitéieren, fir dem Här Spautz zweemol Merci ze soe fir dee gudden Rapport, deen e fir dësse Projet an dee virdru gemaach huet. Mir hunn do gutt a schnell gemeinsam geschafft, mengen ech.

Da sinn hei nach eng Rei Diskussiounen opkomm, Froen opgeworf ginn, wou ech wëll kuerz dorobber agoen. Dat Éischt, dat ass déi vun deene verschiddenen Adaptatiounen, déi den Här Henckes opgeworf huet.

Ech mengen, dat muss een awer lichter anescht hei kucken, well mir hunn et hei mat engem Gesetzesprojet ze dinn, wou am Artikel 10 sämtlech Projeten, déi d'CFL en fin de compte an deene leschte Jore gemaach huet, dra beinhalt sinn. An all Kéiers, wa mer do Adaptatiounen gemaach hunn, da war dat fir deelweis en anere Projet bäizefügen. Dat ass also net onbedéngt eng Adaptatioun op deem, wat mer haut adaptéieren. Sou eefel Adaptatiounen, jo, mä dat sinn awer total aner Projeten, déi an den Artikel dragesat gi sinn.

Elo kann ee sech d'Fro stellen, de Conseil d'État huet dat och gemaach, ob een net déi Projeten dann als eenzel Gesetzgebung kéint maachen. Da géif dat, wat Der elo gesot hutt, net kënnen falsch interpretéiert ginn.

Mir hunn awer gemengt, fir d'Visibilitéit vum Text wär et gutt, wann Adaptatiounen all Kéiers pro Projet géife gemaach ginn. Dat, wat hei also gemaach gëtt, dat ass eng Adaptatioun op deem Projet vun der Sécuritéit, dee bis elo 25 Milliounen ronn hat, deen elo 12 Milliounen bäikritt, op 37 Milliounen eropgesat gëtt. An déi

Adaptatioun, wann ee weess, wéi de Wëssensstand ufanks 2000, 2001, 2002 war, fir déi Rechnungen sengerzäit ze maachen, ass awer näischt, wat anormal ass, well einfach awer esou vill geännert huet an Zwëschenzäit, well awer déi Connaissancen, d'Importatioun vun deem hei System wesentlech méi prezis analyséiert konnte ginn an der Zäit, sou datt ech hei déi Adaptatioun eppes, wat an der logescher Evolutioun vum Dossier ass, fannen.

Wat elo den Délai ugeet, do hunn ech zur Gewunnecht, datt mer net onbedéngt d'Délaien elo als definitiv an doudsicher considéieren, well all Bautendélai huet mer nach gewisen, wann ech eng Ausso hei, haaptsächlech wann ech se bei lech maachen, si se normalerweis net richtig. Mir hunn hei grouss Richtlinnen, wéini mer déi Délaien do kënnen maachen, a wat fir eng Richtung dat ka goen. Ouni datt ech awer d'Hand an d'Feier leeën, datt et Stéckpunkt zu deem Datum fäerdeg ass.

Dann hutt Der gesot vun dem Bäileeë vun der Europäescher Kommissioun. Wa mäi Souvenir do richtig ass, dann ass dat fir 4 Milliounen Euro gewiescht als Plaffong vun de Subsidien, déi mer kënnen kréien, ohne Gewähr elo. Dat si meng Souveniren, déi mer dat esou soen. Mä da gesitt Der och do méi oder weëneger d'Proportiounen, déi hu missen agehale ginn.

Voilà. Dat waren déi puer Froen, déi hei évoquéiert gi sinn. Iwwert d'Liberalisatioun loosse ech mech elo net an, op déi Proposen, déi den Här Bausch gesot huet. Just déi eng Remarque dozou: Mir sinn natierlech als klengt Land relativ ugewisen, datt och eis Kommunikatiounen mat dem Ausland, mat dräi Nopere fonctionnéieren. Mir sinn drop ugewisen, datt déi Sécherheitssystemer vun deenen Zich, déi eraakommen, respektiv vun eisen Zich, déi erausginn, dann nach op déi Netzer ugepasst ginn.

Dat ass net ëmmer evident fir d'CFL, fir dat ze gewährleisten. Dat brauch vill Aarbecht. Et muss een och déi noutwendeg Soinen, déi noutwendeg Garantien draginn. Ech mengen, dat maache si och ouni Zweifel.

An déi Décisioun, déi dann '99 geholl ginn ass, déi vum Minister Grethen, vum Minister Lux an dann och vu mir selwer confirméiert ginn ass, fir sengerzäit dee System erauszewielen, deen europäesch recommandéiert ginn ass, mengen ech, war haaptsächlech fir Lëtzebuerg einfach déi eenzeg Décisioun, déi konnt geholl ginn, quitte datt et en deiere System ass. Mä et ass awer een, deen eis Zukunftsperspektiven an dem europäesche Raum gëtt.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir déi Zoustëmmung, déi dësse Projet krut.

► **M. le Président.**- Merci och dem Nohaltegkeetsminister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6107 ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fernand Boden, Lucien Clement (par M. Raymond Weydert), Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen (par M. Eugène Berger), Paul Helminger (par M. André Bauler), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweet Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou décidéiert.

Als leschte Punkt vun eise Ordre du jour hu mer elo nach eng Question avec débat N°7 vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Gëlle Fra. Dem Auteur vun der Fro sti fënnf Minutten Zäit zou, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virdroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

12. Question avec débat N°7 de M. Fernand Kartheiser au sujet du transfert de la «Gëlle Fra» à Shanghai pendant l'exposition universelle

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Regierung zitt hir Legitimitéit net nëmmen aus dem Resultat vun demokrateschen Wahlen. Si soll sech och aschreien an eng Traditioun, si muss e Respekt virum Stat a sengem Vollek weisen, deen iwwer e formelle Respekt virun den Institutionen erausgeet.

Zu deem Respekt zielt och eng wierdeg Erënnerung un d'Leide vun enger Natioun. Un déi Affer, déi dës Natioun bruecht huet, fir a Friden an a Fräiheet ze liewen.

D'Gëlle Fra huet eng besonnesch Plaz, net nëmmen an eiser Geschicht, mä an den Häerzer vun de Lëtzeburger. Fir dat ze erkennen an ze verstoen, brauch een historesch Wëssen, mä nach méi Empathie a moralesch Gréisst. Nëmme deen, deen d'Leide vun de Krichsaffer kann nofillen an novollzéien, kann hiert Udenken eieren. Nëmme deen, deen d'Geschicht als moraleschen Opdrag fir d'Zukunft gesäit, dee seng Inspiratioun an der Verantwortung fënn, fir vergaangent Onrecht ni méi nei entstoen ze loosse, kann och deen déiwe Sënn vun engem nationale Monument verstoen.

E Monument ass méi wéi dat Konschtwierk, wat et markéiert. Et huet seng eege Symbolkraaft. Et genéisst e Schutz, dee méi ass wéi eng rechtlech Garantie. Well säi Schutz staamt aus enger kollektiver Iwwerzeugung vu ganz ville Leit. De Wëllen, ni dat ze vergiessen, wat geschitt ass. De Wëllen, fir deem, wat ee sech eigentlech net ka virstellen, awer eng dauerhaft a sichtbar Präsenz an eiser Mëtt ze ginn.

Duerch e Monument erënnere mir eis un dat Schrecklech vu gëschter a mir vernäipen eis mat déiwem Respekt an Dankbarkeet virun all deenen, déi alles gewot an alles ginn hu fir dat Land, an deem mir haut liewen, fir eis a fir d'Generatiounen vu muer.

E Monument entéiert een net, well et verletz een domat d'Séil vun all deenen, déi wëssen an déi verstinn. Wien e Monument entéiert, hält och deenen d'Chance, déi iwwert de Wee vum Nodenken iwwer e Monument nach kéinten a wëlte bäileieren.

E Monument ass keen Dekor fir e Pavillon, kee Maskottche fir eng Ausstellung, kee kommerzielle Gadget. D'Fro stellt sech, ob dës Deeg net och eis Gesetzler verletzt goufen. D'Gesetz verbitt d'Violatioun an d'Profanatioun vun engem Monument, dat zu Éiere vun eisen Doudegen opgericht gouf. Kee steet iwwert dem Gesetz. A besonnesch am Émgank mat eise Monumenter a mat eiser Geschicht soll d'Regierung dat gutt Beispill weisen an net selwer, wann och vläicht net de Buschtaf, mä op d'mannst awer de Geescht vum Gesetz verletzen.

Dee Frevel, deen elo geschitt, gëtt all deene Recht, déi scho fréier dat Monument net geéiert hunn. E gëtt all deene Recht, déi eis Gesellschaft net op moralesch Wäerter wëllen opbauen, mä nëmme

materiell Wäertvirstellung kennen. E gëtt all deene Recht, déi nëmme wëlle Rechter hunn a keng Flichten, emol net den Devoir de mémoire: déi Flicht, déi si géif drun hënneren, fir nëmmen an der Verantwortungslosigkeit, an der Iwwerflächlechkeet an am Haut ze liewen.

D'Regierung hält déi Gëlle Fra ewech a si verletzt domat eis Séil, eis Erënnerung, eis Gefëll, eis mënschlech Dimensioun.

(**Interruption**)

Déi mannste goufe virdru gefrot, an emol net d'Anciens combattants. Déi, déi fir eist Land gekämpft hunn.

(**Interruptions**)

Net déi, deenen hir Communautéit am meeschte gelidden huet, an och net déi, déi d'Vollek an deem héijen Haus verrieden.

Vill Leit, vläicht déi meeschte Leit am Land sinn dergéint. Vill sinn der entsat, mä alles dat kann déi net stéieren, déi souwisou mengen, d'Land géif hinne gehéieren.

(**Interruption**)

Keen anert Land stellt en nationaalt Monument am Tempel vum Kommerz op. Anerer brénge Konschtwierker. Eis Regierung bréngt d'Agendnis vun hirer Gefillslosigkeit.

Eng Regierung, déi d'Kroun vun deem wahrscheinlech wichtigsten nationale Monument fir kommerziell Zwecker an d'Ausland bréngt, stellt méi a Fro wéi nëmme sech selwer.

Et geet der Regierung dobäi net ëm Fräiheet a Friden a China, och net ëm Symbolik fir Mënscherechter, soss hätt si jo och kënnen zum Beispill 2005 den Dalai-Lama empfänken, wéi deen hei op Besuch wor.

Neen, just nëmme fir e kommerzielle Pavillon ze dekoréieren, gëtt eist nationaalt Monument a China bruecht an aus soss kengem Grond. All aner Behauptung ass einfach net wouer. Eng onbehollef Reaktioun op d'Kritik, en nodréigleche Konstrukt, fir manner schlecht dozestoen.

Wéi d'Regierung wëllt den nächsten 10. Oktober decidéieren, dat froe mir si an deenen nächsten Deeg schrëfflech. Dann, den 10. Oktober, ass d'Gëlle Fra zu Shanghai, an nodeem, wat gesot gëtt, och eise Grand-Duc.

► **M. le Président.**- Här Kartheiser, Dir misst zum Schluss kommen a vläicht och emol Är Fro stellen, gell.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech kommen direkt dozou.

► **M. le Président.**- Dir hutt eng Question avec débat hei ugefrot.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President, fir mech drun ze erënneren; ech maachen dat.

Op eise nationale Commémoratiounsdaag ass zu Shanghai eng kommerziell Journée luxembourgeoise. D'Entéierung vun der Erënnerung huet ënnert dëser Regierung Method.

Ech wollt den Här Juncker froen, Här President, firwat d'Regierung hiren Accord fir esou eppes konnt ginn, a firwat d'Anciens combattants net gefrot gi sinn. Ech stelle fest, den Här Juncker huet sech deem Débat entzunn. Dat seet ganz vill iwwer e Mann, dee vläicht sech fir Europa interesséiert, awer net méi vill fir eist Land.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Sou, elo kritt den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech kann déi Ausféierungen iwwert de Sënn vun de Symboler an d'Kraaft vun de Symboler hei deelen. Ech kann awer net déi Ausféierungen hei deelen an d'Interpretatioun, déi den Här Kartheiser an déi ganz Operatioun hei gëtt. Ech wëll dofir eng Rei Punkte ganz einfach a ganz simpel duerstellen. Domat d'Stellungnahme vun der Regierung.

Also, ech verstinn, datt den Här Kartheiser léiwer den Här Statsminister héieren hätt. Leider konnt deen net hei sinn. E muss sech also mat mir begnügen, fir d'Äntwert ze ginn.

(**Interruption**)